piraten.lu

N°4368
Entrée le 01.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.07.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

| | |
|---|---|
| Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture | 8 |
| Référence : | |
| 02 JUIL. 2026 | |
| A traiter par | |
| Copie à | |

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Zu Lëtzebuerg gi Schof a landwirtschaftleche Betriber an och vu Privatpersounen als Hausdéier gehalen. Bei de meeschte Rasse mussen d'Déieren op d'mannst eemol am Joer geschuer ginn, fir gesondheetlech Problemer, Parasitten oder Iwwerhëtzung ze verhënneren.

D'Schofsschur erfuerdert Erfarung an dat néidegt Wëssen, fir d'Déieren net onnéidegem Stress, Angscht oder Verletzungen auszesetzen. Am Sënn vum Déiereschutzgesetz stellt sech dowéinst d'Fro, wéi de Staat garantéiert, datt dës Aarbecht no de Reegele vun der Konscht gemaach gëtt, fir dass d'Déier net leiden.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Schof ginn et aktuell zu Lëtzebuerg a kann d'Ministesch dës Zuelen opschlësselen no landwirtschaftlecher Notzung a privater Haltung?

2. Ginn et zu Lëtzebuerg Persounen oder Betriber, déi d'Schofsschur professionell a géint Bezuelung ubidden, a falls jo, wéi eng Qualifikatiounen, Formatiounen, Assurancen oder aner Konditioune mussen si erfëllen?
   Gëtt ët eng ëffentlech Lëscht vu Persounen oder Betrieber, déi dës Konditiounen erfëllen?

3. U wien kënnen sech Privatpersoune wenden, déi hier Schof déiereschutzkonform schuere wëllen?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

4. Existéieren staatlech Initiativen oder sinn därer geplangt, eventuell och zesumme mat der Landwirtschaftskummer oder Beruffsverbänn, fir Leit, déi ee Schof als Hausdéier hunn, den Zougang zu Formatiounen oder praktesche Coursen an der Schofsfleeg a Schofschur ze vereinfachen, soudass si et selwer maache kënnen? Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°4368 vun dem éierewäerten Deputéierten Marc Goergen**

**1. Wéi vill Schof ginn et aktuell zu Lëtzebuerg a kann d'Ministesch dës Zuelen opschlësselen no landwirtschaftlecher Notzung a privater Haltung?**

Et ginn hei zu Lëtzebuerg insgesamt 8.495 Schof (dorënner 2.271 Lämmer) op landwirtschaftleche Betriber gehalen. Et besteet keng Opschlësselung no landwirtschaftlecher Notzung a Privathaltung.

**2. Ginn et zu Lëtzebuerg Persounen oder Betriber, déi d'Schofsschur professionell a géint Bezuelung ubidden, a falls jo, wéi eng Qualifikatiounen, Formatiounen, Assurancen oder aner Konditioune musse si erfëllen? Gëtt ët eng ëffentlech Lëscht vu Persounen oder Betriber, déi dës Konditiounen erfëllen?**

Et ginn zu Lëtzebuerg keng professionell Schofsschierer, well dat eng staark saisonal limitéiert Aarbecht ass (am Fréijoer) an zumindest hei zu Lëtzebuerg kee säi Liewensënnerhalt kann domadder bestreiden. Am Schofssecteur hëlleft een deem aneren aus. Verschidde Schofshalter / Persoune matt dem néidegen Equipement (Schiermaschinn) bidden dës Déngschtleeschtung als "Assistance entre amis" un. Bei de gréissere Schofshalter gëtt d'Schieren entweder selwer vum Betrib gemaach oder si loosse professionell Schofsschierer aus dem Ausland kommen. Et gëtt keng offiziell Lëscht vu Schofsschierer. Déi besteeënd Lëtzebuerger Schofzuchtverbänn stelle gären de Kontakt hir wann ee Schofshalter op der Sich ass no enger Persoun fir Schof ze schieren.

**3. U wie kënnen sech Privatpersoune wenden, déi hier Schof déiereschutzkonform schuere wëllen?**

Et gëtt keng offiziell Lëscht vu Schofsschierer. Déi besteeënd Lëtzebuerger Schofzuchtverbänn stelle gären de Kontakt hir wann ee Schofshalter op der Sich ass no enger Persoun fir Schof ze schieren.

**4. Existéiere staatlech Initiativen oder sinn därer geplangt, eventuell och zesumme mat der Landwirtschaftskummer oder Beruffsverbänn, fir Leit, déi ee Schof als Hausdéier hunn, den Zougang zu Formatiounen oder praktesche Coursen an der Schofsfleeg a Schofschur ze vereinfachen, soudass si et selwer maache kënnen? Falls nee, firwat net?**

Sou Formatioune si scho mol an der Vergaangenheet ugebuede ginn. Do ass et awer primär och ëm d'Sortéiere vun der Woll gaange fir se den eenzelnen Filièren herno zouzeféieren. Och an Zukunft wäert ugeduecht si fir esou Formatiounen z'organiséieren, vue dass et eist Zil ass fir d'Woll als natierleche Rohstoff besser ze valoriséieren. An deem Kontext ginn och d'Bonnes Pratiques duergestallt fir d'Schof schounend a stressfräi ze schieren. Fir Läit matt nëmmen e puer Schof ass et ze recommandéiere fir sech

beim Schieren extern Hëllef ze huelen. Dat verhënnert, dass ee Material selwer muss uschafen, an d'Schofsschuer geet vill méi séier, einfach a Réckeschounend vun Hand, wann een Erfarung an dësem Beräich huet. Net jiddereen ass och säin eegene Coiffeur.

Lëtzebuerg, den 14. Juli 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau